LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Luxembourg, le **20 janvier 2020**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
20 JAN. 2020

Le Ministre de l'Économie
à
Monsieur le Ministre aux
Relations avec le Parlement

**L-2450 LUXEMBOURG**

Réf. : Co/QP1567-02/PZ-rg

**Objet:** **Question parlementaire N° 1567 du 4 décembre 2019 de Monsieur le Député Marc Goergen**

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Pour le Ministre de l'Économie

Tom Theves
Premier Conseiller de gouvernement

Dossier suivi par : Paul Zenners, tél : 247-74126 ; email : paul.zenners@eco.etat.lu

**Réponse commune de Monsieur le Vice-Premier ministre, ministre de l'Économie, Étienne Schneider, de Madame la ministre de la Culture, Sam Tanson, et de Monsieur le ministre des Affaires étrangères et européennes, Jean Asselborn, à la question parlementaire n°1567 de Monsieur le député Marc Goergen au sujet de l'EXPO 2020 à Dubaï**

D'EXPO 2020 erlaabt Lëtzebuerg fir sech an all senge Facetten engem internationale Publikum ze presentéieren: ekonomesch, touristesch, kulturell, gastronomesch, asw. Domadder ginn Talenter, Touristen an och Investisseuren op de Standuert Lëtzebuerg opmierksam, et ginn Lëtzebuerger Expertise a Kompetenze gewisen, an eis Betriber ginn ënnerstëtzt fir hier Aktivitéiten an der Golf Regioun an an der ganzer Welt ze entwéckelen. D'Organisateuren erwaarden sech 25 Millioune Visiteuren, dovunner 70% vu Leit déi net aus den Emirate kommen. D'EXPO 2020 zu Dubai ass also op déi Manéier di kosmopolitescht Weltausstellung déi jee organiséiert ginn ass.

Zu Mailand hat Lëtzebuerg net participéiert wéinst dem zentralen Thema vun där Ausstellung, bei deem et ëm alimentaire Qualitéit a Sécherheet gaangen ass. Lëtzebuerg huet wéineg Entreprisen déi an deem Beräich aktiv sinn an huet dofir decidéiert net matzemaachen. D'Thema vun Dubai « Connecting minds, creating the future » erlaabt Lëtzebuerg ze weisen, datt et op eng nohalteg a sozial digital Entwécklung vu senger Wirtschaft a senger Gesellschaft setzt.

Een Deel vun den 32 Milliounen Euro Budget fir de Pavillon gi vu private Partner a Sponsore gedroen, dat sinn tëschent 8 an 9 Milliounen Euro. Et ass bei dëser Zort Evenementer net méiglech präzis am Viraus ze chiffréieren wat di ekonomesch, kulturell oder aner Retombéeën sinn.

D'Zuele weisen awer, dass zum Beispill no der Weltausstellung 2010 zu Shanghai déi wirtschaftlech Echangen tëschent Lëtzebuerg a China sech enorm gesteigert hunn: eng Rei chinesesch Banken hunn sech zu Lëtzebuerg néiergelooss, d'Exportatiounen a China hunn sech verduebelt, d'Importatioune verdräifacht. D'Exportatioun vu Servicer huet sech souguer vervéierfacht an d'Exportatioun vu Finanzservicer verfënneffacht. D'Participatioun un enger Weltausstellung erlaabt et, d'Visibilitéit vun onsen Entreprisen an hire Kompetenzen ze promouvéieren.

D'Golfregioun ka sécher net als Ganzt als Referenz geholl gi fir de Respekt vun de Mënscherechter. D'Vereenegt Arabesch Emiraten (VAE) sinn awer ee vun deene Länner wou zënter deene leschte Joren ëmmer méi Efforte gemaach ginn, fir déi Situatioun ze verbesseren, net zulescht och wéinst den intensive Relatioune mat europäesche Länner a mam Rescht vun der Welt. Am Joer 2019, wat "d'Joer vun der Toleranz" war, huet d'Regierung zum Beispill eng Rei Schrëtt ënnerholl fir déi emiratesch Gesellschaft méi oppen ze maachen.

Sou gëtt et zanter de leschte Walen am Oktober 2019 eng Obligatioun vu Paritéit (50%-50%) am Conseil fédéral national, den Equivalent vun engem Parlament. Di ëffentlech Institutioune ginn encouragéiert Fraen an hire Conseil d'administration ze nennen, a 27% vun de Ministeren si Fraen. 70% vun den Diploméierte vun den Universitéiten si Fraen, 46,60% vun der aktiver Bevëlkerung si Fraen, am ëffentleche Secteur souguer 66%, dovunner 30% op engem héije Posten (poste de prise de décision).

D'Organisateure vun der Expo hunn och vun Ufank un spezifesch Reegelen definéiert iwwert d'Aarbechtskonditiounen. Dës Reegele si méi streng a gi méi wäit wéi allgemeng d'Aarbechtsrecht an de

VAE. Mat grousser Warscheinlechkeet ginn des Reegelen no der Weltausstellung an d'nationaalt Recht vun de VAE integréiert.

Den Artistekollektiv, zesummegesat vun 8 Kënschtler aus 7 verschiddene Konschtsparten, huet fräi Hand fir de Contenu vum artisteschen an kulturelle Projet vun der lëtzebuerger Participatioun un der EXPO auszeschaffen. Mat dem Konzept "Mir wëlle bleiwe wat mir ginn" setzt de Kollektiv sech mat dem Thema vun der EXPO « Connecting minds, creating the future » kritesch auserneen a proposéiert 5 kulturell Projeten, déi am Kader vun enger artistescher Residenz zu Dubai, deels an Zesummenaarbecht mat lokale Kulturinstitutiounen, realiséiert wäerte ginn. Et ass deemno och eng Geleeënheet, mat anere Kënschtler souwéi mat engem anere Public a Kontakt ze kommen, an iwwert dee Wee Relatiounen an Dialog ze stäerken.

Generell sinn déi diplomatesch Relatiounen déi Lëtzebuerg mat de VAE huet, ganz villschichteg. Souwuel politesch, finanziell, kulturell wéi och wirtschaftlech Interesse an och de Schutz vu Mënscherechter falen dorënner. An de bilaterale Kontakter mat de VAE ginn all Sujeten oppen an direkt ugeschwat, dorënner och de Respekt vun de Mënscherechter. Lëtzebuerg wäert weiderhin all Kontakter mat de VAE notze fir dës Froen ze thematiséieren, souwuel bilateral wéi an de multilateralen Enceinten, wéi zum Beispill am Mënscherechtsrot vun der UNO.